1-2017-O-R-5142-01 (2815)

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2017

Depot: Här Roy Reding
PL 7209 et 7210

1

# Motioun

D'Chamber

stellt fest

- datt Luxtram zu honnert Prozent a Lëtzebuerger ëffentlecher Hand an ausschliisslech op engem klengen Deel vum nationalen Territoire aktiv ass;
- datt Luxtram fir Aarbechtsplaze Franséisch obligatoresch verlaangt, iwwerdeems Lëtzebuergesch an Däitsch nëmmen als Virdeel ugesi ginn;
- datt d'Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 de Gebrauch vun eiser Nationalsprooch Lëtzebuergesch a vun eisen Amtssprooche reegelt;
- datt den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen, a senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 2795, dëst Bevirdeelege vum Franséischen als "operationell Sprooch" mat Sécherheetsgrënn erkläert ;
- datt d'Lëtzebuerger Eisebunn, obwuel si och international aktiv ass, an hire Beruffsufuerderungen Lëtzebuergesch verlaangt;

fuerdert d'Regierung op, duerfir ze suergen,

- datt Luxtram bei Plazen, déi an Zukunft ausgeschriwwe ginn, obligatoresch d'Lëtzebuerger Sprooch verlaangt;
- datt, déi Leit, déi Luxtram agestallt huet a besonnesch déi Leit am Kontakt mat de Passagéier, esou séier wéi méiglech Lëtzebuergesch léieren;
- datt Luxtram beim Rekrutement Fräiwëlleger aus der Arméi besonnesch berécksiichtegt.

R. Reding